N°1544
Entrée le 06.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1544 vum 19. November 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Corinne Cahen a vum honorabelen Deputéierten Här Gérard Schockmel.**

- *Ass d'Madamm Minister net och der Meenung, dass d'Bluttspend ee „Core Business" vum Roude Kräiz ass, an d'Croix-Rouge déi néideg Erfarung a Credibilitéit huet fir dat och weider auszeféieren?*

Jo.

- *D'Croix-Rouge baut den Ament en neie Siège um Houwald. Do ass e groussen Espace virgesi, fir d'Bluttspender nach besser empfänken ze kënnen. Falls d'Croix-Rouge dat net méi sollt maachen, wat soll da mat deem Centre de transfusion sanguine geschéien?*

De Fait datt d'Aktivitéit als « mission de service public » an de juristesche Kader vun engem établissement public iwwerfouert kéint gin heescht net datt d'Lokalitéiten déi lo virgesi sinn an déi scho wäit am Bau virugeschratt sinn, net kéinten och vum neien eventuellen établissement public fir hir Aktivitéiten an Usproch geholl ginn.

- *Ass d'Madamm Ministesch net och der Meenung, dass d'Regierung éischter misst an d'Richtung goen, all d'Fraisen ze couvréieren, déi bei der Bluttspend ufalen, an domat ze garantéieren, dass d'Croix-Rouge net misst op Spenden zeréckgräife fir dee Service um Bierger?*

De Problem vun de Frais'en ass net deen eenzegen deen an deem Kader wäert ugeschwat ginn. Am Regierungsprogramm steet: « *L'accès au don de sang doit reposer sur le principe de l'évaluation individuelle des risques, quelle que soit l'orientation sexuelle du donneur. Pour mettre fin à la discrimination envers les personnes bisexuelles et homosexuelles, le Gouvernement leur ouvrira la possibilité de donner du sang.* » An deem Kader gëtt et zanter laangem Diskussiounen iwwer d'Responsabilitéit vun der Croix-Rouge vis-à-vis vun eventuell ongewollten Incident'en bei Bluttransfusiounen déi nach ëmmer net zur Zefriddenheet gekläert sinn.

- *Ass d'Ministesch net och der Meenung, dass vill Bluttspender riskéieren, net méi spenden ze goen, wann net méi d'Croix-Rouge sech dorëms këmmert? Bluttspend ass eng Spend. Mengt d'Ministesch, dass en Etablissement public grad esou vill Leit mobiliséiert kréich?*

Déi Froe wäerten an de nächsten Diskussiounsronne sécher ee Sujet sinn an souwuel d'Croix-Rouge selwer wéi och hir Associations de donneurs an all aner Bénévole'en déi ronderëm den CTS am Asaz sinn wäerten an déi Diskussiounen mat agebonne ginn an och hir Plaz an enger eventueller neier juristescher Form fannen.

*- Huet d'Ministesch scho mam Lëtzebuerger Roude Kräiz geschwat, wat ass hier Meenung dozou, dass an Zukunft d'Bluttspend vun engem Etablissement public soll gemaach ginn.*

Jo, de Sujet ass scho mat de Responsablen ugeduecht ginn. Formal Gespréicher wäerten am Januar ulafen.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez